

## ACCESSIBILITÉIT ASS MÉI WÉI PARKPLAZEN!

### Pressematdeelung zum Internationalen Dag vun de Mënsche mat enger Behënnerung (3. Dezember)

Am Joer 2011 huet Lëtzebuerg *d'UNO-Konventioun fir d'Rechter vu Mënsche mat enger Behënnerung* ugeholl. Den Artikel 21 garantéiert Leit mat Behënnerungen d'Recht fir sech fräi Informatioun ze besuergeren, ze kréien an ze vermëttelen.

Aacht Joer méi spéit bemierkt de CET – Centre pour l'égalité de traitement (Zentrum fir Gläichbehandlung) awer datt, op d'mannst wat d'Accessibilitéit ugeet, dës Bestëmmunge leider nach ëmmer net an d'Realitéit ëmgeseat goufen.

Trotz verschiddenen Interventioune kritt de CET ëmmer erëm Reklamatioune vu Leit déi sech net genuch informéiert fillen an/oder dëst net selwer kënnen maachen.

Hat Dir schonn eemol Schwieregkeeten, wéinst engem *CAPTCHA*, e Formular um Internet ze verschécken? Hat Dir schonn eemol Problemer e juristeschen Text ze verstoen? Fannt Dir et normal, dass et den Text vun eiser Verfassung nëmmen op Franséisch gëtt?

Dës Lëscht kann onendlech weidergefouert ginn.

De CET huet ëmmer erëm staatlech Institutionen a Ministère opgefuerdert hir Efforten ze verstärke fir eng komplett Accessibilitéit z'erreechen:

- technesch Zougängelechkeet vu Websäiten
- Iwwersetzungen an déi dräi offiziell Sproochen (z. B. allgemeng Informatiounen a legal Texter)
- Informatiounen an *Einfacher / liichter Sprooch* (Beispill: <http://cet.lu/lb/leichte-sprache/>)
- Zeechesprooch a Braille Iwwersetzungen
- Videoe mat Ënnertiteln
- ...

De CET ass der Meenung, datt d'Regierung sech esou séier wéi méiglech all déi néideg Ressourcë muss gi fir hir eegen Ambitiounen z'erfëllen.

De Problem ass villen Administratioune bekannt an déi éischt Schrëtt goufe schonn ageleet. Natierlech gratuléiert de CET hinne fir dës Efforten, déi den Alldag vu ville Leit vereinfachen an hinnen et erlaben um soziale Liewen deelzehuelen.

Elo ass et noutwenneg dës éischt Schrëtter weiderzeféieren an d'Konventioun net nëmmen op Pabeier, mee och um Terrain ëmzesetzen!

**Iwwert de CET – Centre pour l'égalité de traitement**

De CET (Centre pour l'égalité de traitement) gouf duerch d'Gesetz vum 28. November 2006 geschaf.

De CET übt seng Aufgabe ganz onofhängeg aus a säin Ziel ass d'Promotioun, d'Analys an d'Iwwerwaachung vun der Gläichbehandlung tëschent Persounen, ouni Diskriminatioun op Grond vun der „Rass“ oder der ethnescher Hierkonft, vum Geschlecht, vun der sexueller Orientéierung, vun der Relioun oder den Iwwerzeegungen, vun engem Handicap a vum Alter.

[www.cet.lu](http://www.cet.lu) – [info@cet.lu](mailto:info@cet.lu) – (+352) 26 48 30 33 – B.P. 2026 L-1020 Luxembourg